



Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2446 vum 12. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement

1. **Plangt d'Regierung eng direkt a verstärkt Ofsetzbarkeet vu Software-Entwécklungskäschten anzeféieren, fir Tech-Startups ze encouragéieren?**
2. **Wéi kann déi momentanen Digital Transformation Tax Credit (18%) erweidert ginn, fir méi R&D Aktivitéiten an -Ausgaben ze decken?**
3. **Ginn et Iwwerleeunge fir eng "Super-Deduction" fir R&D-Ausgaben anzeféieren, änlech deenen, déi a China oder Dänemark implementéiert goufen?**
4. **Wéi kann d'Kombinatioun tëschent dem IP Box Regime an der direkter R&D-Käschten-Ofsetzbarkeet optiméiert ginn, fir e méi attraktive Package ze kreéieren?**
5. **Plangt de Minister eng komparativ Analyse mat aneren EU-Länner ze maachen, fir ze bestëmmen wéi Lëtzebuerg seng R&D-Steierincitatiounen méi kompetitiv maache kann?**

Fir d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze stäerken a fir och innovativ Entreprises unzezéien, huet dës Regierung schonn eng Rei Moossname geholl a wäert dat och an Zukunft maachen. Hei sief e.a. op d'Reduktioun vum Steiersaz bei den Entreprises oder ganz rezent op den 10-Punkte-Aktiounsplang fir Start-ups, wou ënner anerem een neie Steierkredit fir sougenannte Business Angels, also Privatleit, déi a jonk innovativ Betriber mat héije Recherche- an Entwécklungskäschten investéieren, ab d'nächst Joer agefouert soll ginn.

Méi spezifesch op d'Fro vum éierbaren Deputéierten bezunn, kënnen intern an och extern Käschte fir d'Entwécklung vun Informatikprogrammer, nieft den allgemengen Ofsetzbarkeetsreegelen, zousätzlech vun engem neie Steierkredit (*bonification d'impôt*) vun 18% fir Investitiounen an Exploitatiounskäschten, déi mat engem Projet vun der digitaler Transformatioun vun der Entreprise verbonne sinn, profitéieren. Am Fall vun engem steierleche Verloscht an engem Joer kann dës Steierkredit während maximal 10 Joer virgedroe ginn. Dës ass duerch déi gesetzlech Bestëmmunge vum Artikel 152bis vum Akommessteiergesetz, geännert duerch d'Gesetz vum 22. Dezember 2023, nei gereegelt ginn.

Éischt Zuele weisen, datt dës neie Regimm gutt ugeholl gëtt. Fir 2024 goufe vu de 87 Demanden, 72 Projekte vum zoustännegen Comité nach an deem selwechte Joer aviséiert; 68 dovunner positiv fir ee Gesamtinvestissement vun 260 Milliounen Euro, dovunner 246 Milliounen Euro eleng am Beräich vun der digitaler Transformatioun. 56 vun den aviséierte Projekte betreffen d'digital Transformatioun, haaptsächlech verbonne mat kënschtlecher Intelligenz. D'Projeten kommen aus verschiddene wirtschaftleche Secteuren, haaptsächlech aus dem Finanzsektor, awer och aus dem Handwerk, der Logistik, der veraarbechtender Industrie an der Enterpriseberodung.

De steierleche Regime, deem eng 80% Steierbefreiung vu gewëssen Akommes aus bestëmmten intellektueller Propriétéit virgesäit, ass u sech separat vum Regime vun der steierlecher Ofsetzbarkeet vun enger Ausgab oder och enger Ofschreiwung. Dësen Dispositif ënnerläit strenge Bedéngungen, déi drop ofzielen, e fairen internationale Konkurrenzader ze respektéieren. Duerfir kënnen d'Käschte fir de Kaf respektiv d'Entwécklung vun Informatikprogrammer a Breveten, zwar op där enger Säit vum Steierkredit profitéieren, dat spéidert Akommes op där anerer Säit net awer vum avantagéise steierleche Regime fir intellektuell Propriétéit.

Eng global Evaluatioun vum besteende Regimm vun der Bonification d'impôt, deem zanter 2024 uwendbar ass, wäert frëstens 2026 méiglech sinn. Zousätzlech Analyse wieren och hei méiglech.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth